ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 20. Mäerz 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Laut Regierungsprogramm solle bis d'Joer 2025 ronn 20 Prozent biologesch Produkter aus der Landwirtschaft kommen. Laut offizieller Statistik waren zum Enn vum Joer 2017 ronn 132 Produzente bei der ASTA als Bio-Produzente gemellt.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister :

1. Wéi gedenkt d'Regierung virzegoen, fir dat Zil vun deenen 20 Prozent biologescher landwirtschaftlecher Produktioun ze erreechen ?
2. Wéi vill Prozent vun de Produkter aus der Lëtzebuerger landwirtschaftlecher Produktioun koumen d'lescht Joer vu Bio-Produzenten ?
3. Wéi vill Prozent vun dëse Bio-Produkter sinn an de leschte fënnef Joer och reell als Bio-Produkter verkaaft ginn, also och als solch gekennzeechent gi sinn ? Wéi deelen déi sech no Kategorien op, ewéi z.B. Mëllech, eenzel Fleeschzorten, Eeër, Geméis, Uebst, asw. ?
4. Wéi vill Prozent vun de Bio-Produkter sinn zu Lëtzebuerg an de leschte fënnef Joer an de konventionelle Consomatiouns-Circuit gefloss, déi also net als Bio-Produkter gekennzeechent goufen?
5. Wéi vill Prozent Bio-Produkter goufe lescht Joer aus dem Ausland importéiert a wéi deelen dës sech – no Land a Produkter klassifizéiert – op ?
6. Wann d'Bio-Produktioun ausgebaut gëtt, wäert jo déi konventionell Landwirtschaft, déi jo méi produktiv ass, an hirer Produktiounscapacitéit abéissen. Wéi soll an deem Kontext dësen Defizit erëm opgefaange ginn ?
7. Ass et dem Ministère méiglech, déi Betriber ze identifizéieren, déi zwar konventionell Landwirtschaft bedreiwen awer esou nohalteg schaffen, datt si

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique

d'Bedingunge fir eng Bio-Produktioun erfëlle géifen, de Statut awer net unhuelen aus Angscht virun deenen domat verbonnenen Oplagen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten